N°7005
Entrée le 17.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.10.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 17. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géingen mir Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

D'Semaine de la Santé mentale stoung dëst Joer ënnert dem Motto „Ma santé, c'est aussi ma santé mentale". Ziel vun den villen Aktiounen ass et, drop hinzeweisen, wéi wichteg d'mental Gesondheet ass. D'Leit sollen och fir des Problematik sensibiliséiert ginn, fir esou ze verhënneren, dat Patienten mat psychesch a mental Krankheeten stigmatiséiert ginn. An dem Kontext géinge mir gär folgend Froen d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Wien huet d'Semaine de la Santé mentale an d'Liewe geruff a vu wiem gëtt se aktuell organiséiert?
- Wéi ënnerstëtzt de Gesondheetsministère d'Semaine de la Santé mentale ?
- Wéi steet d'Regierung zur Aféierung vun enger offizieller Journée nationale de la Santé mentale?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles
Deputéierten

Max Hengel
Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu